



Groupe parlementaire

N°877
Entrée le 12.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.06.2024

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

D'Awunner vu Kielen leide ganz staark ënnert dem massive Camionsverkéier, deen all Dag duerch hir Uertschaft fiert an d'Liewensqualitéit massiv aschränkt. Entlaaschtung kéint eng Ëmgeungsstrooss bréngen, déi säit Joerzénge diskutéiert gëtt. 2012 hat den deemolegen Här Verkéiersminister e Gesetzesprojet mat enger Enveloppe vun 59 Milliounen Euro op den Instanzewee bruecht, deen awer vu sengem Nofolger reklasséiert gouf. An engem rezenten RTL-Reportage vum Mäerz dëst Joer huet et dunn nees geheescht, datt d'Madamm Verkéiersminister am Prinzip zum Projet vun enger Ëmgeungsstrooss géif stoen, mee, datt nach verschidden "technesch Detailer" misste gepréift ginn.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

- 1) Wéi presentéiert sech den aktuelle Stand vun de Virbereedungsarbechte fir d'Ëmgeungsstrooss vu Kielen? Op wéi eng Viraarbechte vun deenen ënnerschiddleche Ministeren an deenen am Laf vun de Jore gepréifte Varianten an den entsprechenden Etude gëtt dobäi opgebaut? Bis wéini gesäit d'Madamm Minister vir, en endgültege Projet op de Wee ze bréngen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 877 vum 12. Juni 2024 vum Här Deputéierte Fred Keup.

De Stroossentrafic, a speziell de Schwéiervedkéier, ass fir d'Uertschaft Kielen eng grouss Belaaschtung. Dëst net nëmme wéinst der absolutter Zuel vun de Gefierer, mee haaptsächlech och wéinst den ageengte Verhältnisser an de Kéieren an der Uertschaft, déi et besonnesch de Camionen esou wéi de landwirtschaftleche Maschinne schwierig maache laanschteneen ze kommen.

D'Problematik ass bekannt an et gëtt schonn zënter Joerzénge vun enger Ëmgeungsstrooss fir d'Uertschaft Kielen geschwat. De nationale Mobilitéitsplang PNM 2035 deit deemno am Korridor vun der Nationalstrooss N12 eng entspreichend Entlaaschtungsstrooss un (Säit 155).

An der Optik vun enger multimodaler Mobilitéit ass eng regional Mobilitéitsétude am Raum Kielen / Korridor N12 lancéiert ginn an där souwuel d'Verkéisersopkommes, méiglech Verleef vun enger Ëmgeungsstrooss sou wéi een Uschloss vun der Aktivitéitszon vu Kielen (ZAE Kehlen) studéiert ginn.

Dëst fir am Aklang vum PNM 2035 dem ganze Raum vum Korridor N12 eng Perspektiv vun enger gesamtheetlecher Léisung mat Verkéisersberouegungen, engem attraktiven ëffentlechen Transport a Vëlosverbindungen tëscht den Uertschaften kënnen unzebidden.

Esou analyséiere meng Servicer momentan déi verschidde Constellatioune vun enger Ëmgeungsstrooss nom Prinzip vun engem "Contournement de proximité". Dobäi gëtt opgepasst, dass des nei Strooss net zousätzleche Verkéier an aner Uertschaften unzitt. Parallel dozou plangt d'Gemeng Kielen Verkéisersberouegungen an der Uertsduerchfaart vu Kielen.

Well an Ofhängegkeet vun de méigleche Verleef vun enger Ëmgeungsstrooss den Impakt op d'Ëmwelt, an den Accès op des Ëmwelt vun der Uertschaft aus, ënnerschiddlech ass, mussen des Variante mat deenen zoustännegen Instanzen evaluéiert ginn, éier eng Ausso zum Planning ka gemaach ginn.

An deem Kontext wäerte meng Servicer dës Elementer am Hierscht mat der Gemeng Kielen diskutéieren.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes